

Conseil communal

26 février 2021

Présent: Le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Guy Scholtes (LSAP) et Marc Bissen (LSAP), les conseillers communaux, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohnen (CSV) et André Noesen (déi gréng) ; le secrétaire communal Mike Back.

Excusé: Tom Hansen (DP), conseiller.

Début de la séance: 08.30 heures

Tous les points de l'ordre du jour, à l'exception des points 1 à 3A, sont approuvés à l'unanimité des voix des membres présents.

Communications

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) ouvre la séance et donne la parole à Monsieur Guy Breden (CSV). Ce dernier rapporte sur la dernière réunion de la commission scolaire. Apparemment, la transmission du virus reste dans les normes. Les enfants sont très disciplinés et se réjouissent pour aller à l'école. Vu l'annulation de la coupe scolaire l'année dernière, les membres de la commission espèrent pouvoir l'organiser cette année-ci, vu que les restrictions peuvent bien être respectées dehors sur les vélos. D'autant plus ils aimeraient bien organiser la fête d'école. Si la situation se serait calmée jusqu'en mai, la fête pourrait avoir lieu en mai, sinon elle pourrait être reportée en juin ou juillet. Si la situation ne changerait pas, la fête devrait désormais être annulée.

Ensuite Guy Breden remarque qu'il trouve dommage que Nicola Berton sera retraité, vu qu'il a bien aimé de travailler avec lui. Il lui souhaite plein de bonheur. Félix Eischen (CSV) se rallie à ses mots et informe qu'aujourd'hui sera le dernier jour de travail de Néckel et lui remercie pour son excellent travail, son genre et sa manière de faire et son travail.

Sur ce Félix Eischen rapporte que la phase test a commencé dans la Cité Bächel et qu'à chaque fois 5 lampadaires sont dimés soit de 50%, 25% et 10%. Les lampadaires peuvent être dimés davantage à partir de minuit sur 30%. Il invite les conseillers à faire une visite sur place.

Finalement il informe que le service inventaire du Service des Sites et Mo-

numents Nationaux est en train de faire l'inventaire du patrimoine architectural. À l'instant, 4 personnes du service de l'inventaire sont en train de prendre des photos et de collectionner de la documentation, dans nos 6 villages, sur notre patrimoine. Sur base de ces données un livre sera publié, ainsi qu'une éventuelle exposition avec les photos pourra être organisée.

Félix Eischen informe que la commune de Kehlen organise un transport gratuit pour les personnes âgées de 65 ans et plus, pour les conduire dans 3 des 4 centres de vaccination. Ce transport est géré par l'entreprise Demy Schandeler de Keispelt.

Séance publique

1. Règlement communal concernant le fonctionnement de la photo-vidéothèque de la commune de Kehlen

Pour pouvoir garantir un meilleur fonctionnement de la photo-vidéothèque, le comité de gestion a été dissous et le service des relations publiques de la commune de Kehlen a pris la relève de l'organisation et de la gestion. A ce fait, le règlement a dû être adapté. Le règlement communal a été approuvé avec 8 voix pour et 2 voix contre (Larry Bonifas et André Noesen).

2. Indemnités relatives à la photo-vidéothèque de la commune de Kehlen

Le règlement relatif aux indemnités a été approuvé avec 8 voix pour et 2 abstentions (Larry Bonifas et André Noesen).

3. A. Lotissements de terrains à Nospelt dans des zones soumises à un plan d'aménagement particulier 'quartier existant' (10, rue d'Olm)

Vu le projet de morcellement du bureau d'architecte Banice Architecte de Steinfort, pour le compte de la société ImmoFlex de Grevenmacher, une parcelle sise 10, rue d'Olm à Nospelt de 29,60 ares sera divisée en 6 lots distincts pour la construction de 3 blocs de 2 maisons jumelées. Le projet a été approuvé avec 8 voix pour et 2 voix contre (Larry Bonifas et André Noesen).

3. B. Lotissements de terrains à Nospelt dans des zones soumises à un plan d'aménagement particulier 'quartier existant' (rue de Dondelange)

Vu le projet de morcellement du bureau d'architecte Bonifas de Nospelt, pour le compte de la société ImmoFlex de Grevenmacher, une parcelle sise rue de Dondelange à Nospelt de 27,35 ares sera divisée en 6 lots pour la construction de 5 maisons en bande et d'une maison isolée. Les membres présents du conseil communal ont approuvé unanimement le projet.

3. C. Lotissements de terrains à Nospelt dans des zones soumises à un plan d'aménagement particulier 'quartier existant' (7, rue d'Olm)

Vu le projet de morcellement du bureau d'architecte Bonifas de Nospelt, pour le compte de la société ImmoFlex de Grevenmacher, une parcelle sise 7, rue d'Olm à Nospelt de 8,75 ares sera divisée en 2 lots distincts pour la construction d'une maison jumelée accolée à l'immeuble existant. Le conseil communal a approuvé ce projet à l'unanimité des voix.

4. Devis concernant le réaménagement du croisement de la rue des Champs avec la rue Brameschhof à Kehlen

Le conseil communal a approuvé le devis établi par le bureau d'ingénieurs-conseils Schroeder&Associés d'un montant de 356.000,00 Euros. Le projet prévoit après la démolition du rond-point existant, la mise en œuvre d'un plateau au croisement rue Brameschhof/rue des Champs en enrobé clair, la pose d'une conduite d'eau vers le Domaine Brameschhof, le renouvellement des branchements particuliers dans la rue des Champs entre la rue Brameschhof et la rue du Cimetière, la mise en œuvre d'une nouvelle couche de roulement dans la rue des Champs entre la rue Brameschhof et rue du Cimetière et la réalisation de deux îlots de rétrécissement dans la rue Brameschhof.

5. Devis concernant la rénovation et la mise en peinture de l'intérieur et de la façade de l'église à Keispelt avec mise en état des alentours du cimetière

Le conseil communal a approuvé le devis établi par le service technique, d'un montant de 219.960,00 Euros concernant la mise en peinture intérieure de l'église, inclusive location d'un échafaudage et la mise en état des alentours du cimetière.

6. Convention et projet d'exécution relatifs à la réalisation de l'infrastructure et à la construction d'immeubles du lotissement 'Bei Oidebiërg' à Nospelt dans la rue de Dondelange

Le conseil communal a approuvé le projet d'exécution du bureau Schroeder&Associés, ainsi que la convention avec l'association momentanée Hélène Grober Sàrl - Movilliat Promotions S.A., en vue du lotissement « Bei Oidebiërg » à Nospelt.

7. Compromis de vente à Nospelt dans la rue de Dondelange au lieu-dit 'Uedebiërg' (Monsieur Léon Stomp de Bour)

Le conseil communal approuve le compromis de vente signé en date du 29 janvier 2021 entre le collège des bourgmestre et échevins et Monsieur Léon Stomp. Il s'agit de l'acquisition d'une bande de 180 mètres de longueur et de 6 mètres de largeur sur la parcelle 789/4786 au lieu-dit « Uedebiërg » de 90,98 ares, dont 10,80 ares seront utilisés pour l'aménagement du chemin à mobilité douce.

8. Acte concernant la succession de feu Monsieur Jean Feyen

Le conseil communal approuve l'acte concernant la succession de feu Monsieur Jean Feyen, avec lequel la commune reçoit en donation une maison sise 93A, boulevard Robert Schuman à Olm.

9. SICONA - Convention concernant la réalisation de projets de protection de la nature

Le conseil communal approuve la convention signée en date du 27 janvier 2021 entre le collège des bourgmestre et échevins et Madame Suzanne Feyder-Kremer de Nospelt, qui autorise le syndicat intercommunal SICONA à faire des travaux sur une parcelle de terrain n°130/386, sise au lieu-dit « Telpeschholz » à Dondelange. Les travaux de conservation de la nature consistent dans le dégagement de buissons et de haies, l'élimination d'une couche d'humus et d'une couche arable, l'entretien du terrain, ainsi que la mise en place d'une pelouse de sable maigre ou d'une bruyère.

10. A. Constitution de servitudes à Kehlen avec Creos Luxembourg S.A.

Le conseil communal approuve la convention signée entre CREOS Luxembourg S.A. et le collège des bourgmestre et échevins, concernant des servitudes sur la parcelle n°1914/6898 dans la rue de Kopstal à Kehlen, pour la mise en place d'un poste de transformation.

10. B. Constitution de servitudes à Kehlen avec Creos Luxembourg S.A.

Le conseil communal approuve la convention signée entre CREOS Luxembourg S.A. et le collège des bourgmestre et échevins, concernant des servitudes sur la parcelle n°664/7075 dans la rue de Nospelt à Kehlen, pour la mise en souterrain de câbles électriques.

11. Club Senior Kehlen - Convention tripartite 2021

Le conseil communal approuve la convention tripartite pour l'année 2021 relative au fonctionnement du Club Senior Kielen signée entre le Ministère de la Famille et de l'Intégration, l'asbl Club Senior Kielen et le collège des bourgmestre et échevins.

12. Règlements de circulation d'urgence

Le conseil communal confirme 7 règlements de circulation d'urgence édictés par le collège des bourgmestre et échevins concernant la rue Brameschhof à Kehlen, la rue de Mamer à Kehlen, la rue de Keispelt à Meispelt, la rue de Mersch à Keispelt, la rue des Fleurs à Nospelt, différentes rues à Olm, ainsi que la rue de Kehlen à Olm et à Nospelt.

13. Création de cinq postes de salarié à tâche manuelle dans la carrière E pour les besoins du service de régie communale

Vu la nomination du 27 janvier 2021 d'un salarié à tâche manuelle en la carrière E pour les besoins du service de régie, afin de renforcer l'équipe « électricité », aucun poste de salarié à tâche manuelle dans ladite carrière ne reste vacant. Pour pouvoir garantir le service, le conseil communal décide de créer 5 places supplémentaire en la carrière E.

En huis clos

14. Démission d'une infirmière en pédiatrie aux structures d'accueil de la commune de Kehlen

Le conseil communal approuve la démission au 1er avril 2021 de la dame Cindy

Reiffers-Kisch, infirmière en pédiatrie aux structures d'accueil de la commune de Kehlen, avec remerciements pour les bons et loyaux services.

15. A. & B. Structures d'accueil de la commune de Kehlen - Nomination d'un nouvel employé communal dans la carrière B1, sous-groupe éducatif et psycho-social

Le conseil communal a décidé de renforcer l'équipe des structures d'accueil et a nommé Madame Rassel Lindsay, ainsi que Madame Benedic Sandrine, en tant qu'éducateurs diplômés dans la carrière B1.

16. Structures d'accueil de la commune de Kehlen - Modification de la tâche d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité D, groupe d'indemnité D1, sous-groupe éducatif et psycho-social (Wirtz-Flammant Renée)

Suite au courriel de la chargée de direction de la maison relais Kehlen du 9 février 2021 informant que Madame Wirtz-Flammant ne bénéficiera plus d'un horaire variable à partir du 1er mars 2021, le conseil communal a décidé de modifier la tâche hebdomadaire variable de 16 à 24 heures par semaine à une tâche fixe de 16 heures par semaine à partir du 1er mars 2021.

17. Administration Communale de Kehlen - Avancement au grade 8 d'une employée communale (Schuh Marie-Jeanne)

Suite au courrier du Ministère de l'Intérieur que Madame Marie-Jeanne Schuh a réussi à l'épreuve de qualification pour les employés communaux et elle remplit toutes les conditions pour accéder au grade 8 de sa carrière, le conseil communal décide de lui accorder ledit grade.



Tous les rapports peuvent être consultés sur notre site Internet sous la rubrique "Mediathek" (www.kehlen.lu/mediatheque) ou scannez simplement le code QR.

Gemengerot

26. Februar 2021

Present: De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäfte Guy Scholtes (LSAP) a Marc Bissen (LSAP), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV); Guy Kohlen (CSV) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär Mike Back.

Entschëllegt: De Gemengeconseiller Tom Hansen (DP)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

An der öffentlecher Sëtzung ginn all Punkte vun der Dagesuerdnung eestëmmeg uegholl, mat Ausnam vun de Punkten 1 bis 3A.

Matdeelungen

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) mécht d'Sëtzung op a gëtt dem Guy Breden (CSV) d'Wuert. Hien bericht dass an där leschter Schoulkommissioun iwwer d'Verbreedung vum Virus an de Schoule vun eiser Gemeng informéiert gouf, an dass d'Verbreedung vun dësem sech wéi et schéngt roueg verhält bis elo. D'Kanner si ganz disziplinéiert a freeën sech fir kënnen an d'Schoul ze goen. D'Schoulkommissioun hofft fir kënnen d'Coupe scolaire dëst Joer ze organiséieren, vu que dass se scho lescht Joer ausgefall ass. Fir sech um Vëlo an d'Restriktiounen ze halen, dierft kee Problem sinn. Och d'Schoulfest wëllen si gär organiséieren. De Fall gesat, dass d'Situatioun sech bis Mee e bëssi berouegt huet, kéint een d'Schoulfest am Mee ofhalen, ansonsten op de Juni oder Juli verschiben. Wann deem net sou wier, da misst et wuel awer fir dëst Joer ausfallen.

Des Weidere bemierkt de Guy Breden, dass et schued ass, dass de Nicola Berton an d'Pensioun geet. Hien huet gär mat em geschafft an hie wënscht him alles Guddes. De Félix Eischen (CSV) schléisst sech deene Wieder un an informéiert dass Haut dem Néckel säi leschte Schaffdag ass. Hien lueft de Néckel fir seng gutt Aarbecht, säi Genre a seng Aart a Weis.

Weiderhin informéiert de Félix Eischen, dass méttlerweil d'Testphas an der Cité Bächel ugefaangen huet an dass jeeeweils 5 Pottoen op 50%, 25% an 10% gedimmt ginn. Et kann een d'Luuchten awer nach

weider eroffueren, z.B. ab Mëtternuecht op 30%. Hien invitéiert d'Conseillere fir sech déi Testphas emol unzekucken.

Schlussendlech informéiert hien dass de Service Inventaire vum Service des Sites et Monuments Nationaux am gaangen ass en Inventaire vum architektonesche Patrimoine ze maachen. 4 Leit vum Service de l'Inventaire ginn de Moment duerch eis 6 Dierfer vun der Gemeng a mache Fotoen a sammelen Dokumentatioun iwwert eise gebaute Patrimoine. Unhand vun den Donnéeë gëtt spéiderhin e Buch publizéiert an deemno wéi kéint een och eng Ausstellung mat de Fotoe plangen.

De Félix Eischen deelt nach mat, dass d'Kielener Gemeng e Ruffbus organiséiert huet, fir déi concernéiert Leit, iwwer 65 Joer, gratis an 3 vun deene 4 Impfzentren ze féieren. Dësen Transport gëtt vun der Entreprise Demi Schandeler vu Keespelt geréiert.

Öffentlech Sëtzung

1. Gemengereglement bezüglech dem Fonctionnement vun der Foto-Vidéotheik vun der Gemeng Kielen

Fir de bessere Fonctionnement vun der Foto-Vidéotheik kënnen ze garantéieren, gouf de Comité de Gestion opgeléist an entschloss, dass de Service Relations Publiques vun der Gemeng Kielen d'Organisatioun an d'Gestioun iwwerhëlt. Dofir gouf d'Reglement uegpass. D'Gemengereglement gouf mat 8 Jo-Stëmme an 2 Nee-Stëmme (Larry Bonifas an André Noesen) uegholl.

2. Indemnitéite bezüglech der Foto-Vidéotheik vun der Gemeng Kielen

8 Membere vum Gemengerot hunn d'Reglement iwwert d'Indemnitéiten uegholl an 2 Memberen hunn sech enthalen (Larry Bonifas an André Noesen).

3. A. Ënnerdeelung vun Terrainen zu Nouspelt an de Zonen déi engem PAP (Quartier existant) ënnerleien (10, rue d'Olm)

Den Architektbüro Banice Architecte vu Stengefort huet fir d'Société ImmoFlex vu

Gréiwemaacher e Morcellementsprojet virgesinn. Dëse besteet doraus fir eng Parzell vu 29,60 Ar zu Nouspelt op 10, Ollemerstrooss a 6 Lousen ze deele fir kënnen 3 Blocke vu jeeeweils 2 Jumelés-haiser ze bauen. De Gemengerot huet dëst Morcellement mat 8 Jo-Stëmme an 2 Nee-Stëmme (Larry Bonifas an André Noesen) uegholl.

3. B. Ënnerdeelung vun Terrainen zu Nouspelt an de Zonen déi engem PAP (Quartier existant) ënnerleien (rue de Dondelange)

Laut dem Morcellementsprojet vum Architektbüro Bonifas vu Nouspelt, fir d'Société ImmoFlex vu Gréiwemaacher, soll eng Parzell vu 27,35 Ar zu Nouspelt an der Dondelerstrooss a 6 Louse gedeelt ginn, fir 5 Reienhaiser an ee fräistoend Haus drop ze bauen. De Gemengerot huet dëst Morcellement eestëmmeg uegholl.

3. C. Ënnerdeelung vun Terrainen zu Nouspelt an de Zonen déi engem PAP (Quartier existant) ënnerleien (7, rue d'Olm)

Den Architektbüro Bonifas vu Nouspelt huet fir d'Société ImmoFlex vu Gréiwemaacher e Morcellementsprojet op enger Parzell vun 8,75 Ar zu Nouspelt op 7, Ollemerstrooss virgesinn, fir an 2 ze deelen an e Jumélishaus un dat bestoend Haus un ze bauen. De Gemengerot huet dëst Morcellement eestëmmeg uegholl.

4. Offer bezüglech der Erneuerung vun der Kräizung Rue des Champs a rue Brameschhoff zu Kielen

De Gemengerot huet dem Büro d'Etudes Schroeder&Associés seng Offer vun 356.000,00 Euro, fir d'Erneuerung vun der Kräizung rue des Champs a rue Brameschhoff zu Kielen, uegholl. Geplangt ass d'Demolitioun vum Rond-Point, d'Mise en oeuvre vun engem Plateau op der Kräizung Brameschhoff/rue des Champs an eng Conduite d'eau a Richtung Domaine Brameschhoff, d'Erneuerung vun der Strooss an der rue des Champs tëscht der rue Brameschhoff an der rue du Cimetière, sou wéi d'Errichte vun 2 Inseln an der rue Brameschhoff.

5. **Offer bezüglech der Renovatioun an vum Usträiche vu bannen an der Fassade vun der Kierch zu Keespelt, sou wéi der Astandsetzung vun den Allentourse vum Kierfecht**

De Gemengerot huet den Devis vun 219.960,00 Euro dee vum Service Technique den 22. Februar 2021 zesumme-gestallt gouf, ugeholl. Den Devis enthält d'Usträiche vum Intérieur vun der Kierch, inklusiv der Lokatioun vun engem Gerüst, sou wéi d'Astandsetze vun den Allentourse vum Kierfecht.

6. **Konventioun a Projet bezüglech den Infrastruktuaraarbechten an dem Bau vum Lotissement "Bei Oidebiërg" zu Nospelt an der Dondelerstrooss**

En vue vum Lotissement "Bei Oidebiërg" zu Nospelt, huet de Gemengerot de Projet d'exécution vum Büro Schroeder&Associés, sou wéi d'Konventioun mat der Association momentanée Hélène Grober Sàrl - Movilliat Promotions S.A., gestëmmt.

7. **Compromis de vente mam Här Léon Stomp vu Buer bezüglech dem « Uedeberg » an der Dondelerstrooss zu Nospelt**

De Gemengerot huet folgende Compromis de vente mam Verkafspräis vun 1.100,- €/Ar, deen de 29. Januar 2021 tëscht dem Schäfferot an dem Här Léon Stomp ënnerschriwwen gouf, ugeholl. Et handelt sech em den Kaf vun engem 180 Meter laangen a 6 Meter breede Stéck, Parzell N°789/4786, um "Uedeberg", vu 90,98 Ar, wouvun 10,80 Ar fir de Véloswee ze amenagéiere benotzt wäerte ginn.

8. **Akt bezüglech der Succession de feu vum Här Jean Feyen**

De Gemengerot huet den Akt bezüglech der Ierfschaft vum Här Jean Feyen ugeholl. Heibäi krit d'Gemeng en Haus op 93A, boulevard Robert Schuman zu Olm, verierft.

9. **SICONA - Konventioun bezüglech verschiddene Naturschutzprojeten**

De 27. Januar 2021 huet de Schäfferot mat der Madamm Suzanne Feyder-Kremer vu Nospelt eng Konventioun ënnerschriwwen, déi dem SICONA et erlaabt fir Aarbechten am Sënn vum Naturschutz op der Parzell N°130/386 "Telpeschholz" zu Dondel auszuféieren. Heibäi gëtt den Terrain vu Sträich a Rankevegetatioun fräigehalen, d'Fläch gëtt

duerch Méinen oder duerch Schof an der Rei gehalen an et gëtt e Sandmager-rasen oder eng Heed ubruucht.

10. **A. Konstitutioun vun enger Servitude mat der CREOS**

De Gemengerot hëlt d'Konventioun tëscht der CREOS Lëtzebuerg S.A. an dem Schäfferot, bezüglech Servituden op der Parzell N°1914/6898 zu Kielen, an der rue de Kopstal, un, fir dass si do en Trafoshaischen ubrëngen.

10. **B. Konstitutioun vun enger Servitude mat der CREOS**

De Gemengerot hëlt d'Konventioun tëscht der CREOS Lëtzebuerg S.A. an dem Schäfferot, bezüglech Servituden op der Parzell N°664/7075 zu Kielen, an der rue de Nospelt, un, fir dass si eng Frailandleitung kënnen an de Buedem leeën.

11. **Club Senior - Tripartite 2021**

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun betreffend de Fonctionnement vum Club Senior Kielen, déi tëscht de Ministère fir Famill an Integratioun, der Asbl Club Senior Kielen an dem Schäfferot fir d'Joer 2021 ënnerschriwwen gouf.

12. **Verkéisreglementer**

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 7 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der rue Brameschhof zu Kielen, an der rue de Mamer zu Kielen, an der rue de Keespelt zu Meespelt, an der rue de Mersch zu Keespelt, an der rue des Fleurs zu Nospelt, a verschiddene Stroossen zu Ollem, sou wéi an der rue de Kehlen zu Ollem an zu Nospelt, ze reegelen.

13. **Schafung vu 5 Posten als Gemengenaarbechter an der Karriär E fir de Regiebetrieb**

Doduerch dass de Schäfferot de 27. Januar 2021 en Aarbechter an der Karriär E genannt huet, fir de Regiebetrieb als Elektriker ze verstärken, ass keng Plaz méi an där Karriär fräi. Fir awer kënnen de Service weiderhin ze garantéieren, beschléisst de Gemengerot fir weider 5 Plazen an der Karriär E ze kreéieren.

Geschlossene Sëtzung

14. **Demissioun vun enger Infirmière en Pédiatrie an de Structures d'accueil vun der Gemeng Kielen**

De Gemengerot huet d'Demissioun op den 1. Abrëll 2021, vun der Madamm Cindy Reiffers-Kisch, Infirmière en pédiatrie, an de Structures d'accueil vun der Gemeng, ugeholl an hier fir hier gutt Aarbecht an de Service Merci gesot.

15. **A. & B. Structures d'accueil vun der Gemeng Kielen - Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Karriär B1, sous-groupe éducatif et psycho-social**

De Gemengerot huet beschloss fir d'Équipe vun de Structures d'accueil ze renforcéieren an huet d'Madamm Rassel Lindsay, sou wéi d'Madamm Benedic Sandrine, als éducateurs diplômés an der Karriär B1 noméiert.


16. **Structures d'accueil vun der Gemeng Kielen - Emännerung vun der Tâche vun engem Gemengebeamten an der Karriär D1, sous-groupe éducatif et psycho social**

Duerch d'E-Mail vum 9. Februar 2021 vun der Chargée de Direction vun der Maison Relais zu Kielen, dass d'Madamm Wirtz-Flammant Renée keen Horaire variable ab dem 1. März 2021 wäert maachen, huet de Gemengerot beschloss fir hir wëchentlech Stonnen op eng Fix Tâche vu 16 Stonnen d'Woch, ab dem 1. März 2021 festzeleeën.

17. **Gemeng Kielen - Avancement an de Grad 8 vun engem Gemengebeamten**

Duerch de Bréif vum Inneministère, dass d'Madamm Marie-Jeanne Schuh hier Exame gepackt huet an dass si an all Konditiounen erfëllt fir an de Grad 8 vun hirer Karriär ze klammen, beschléisst de Gemengerot hir dat ze accordéieren.



 All Berichter kënnen op eisem Internetsite an der Rubrik „Mediatheik“ nogekuckt ginn (www.kehlen.lu/mediatheque) oder scant einfach de QR-Code

